N°2712
Entrée le 01.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madame Justizminister Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 2712 vum 31. Juli 2025 vun den honorabelen Députéierten Dan HARDY a Fred KEUP zum Sujet "Capacitéite vun de Prisongen"**

**1) Wéi héich sinn d'Capacitéite vun eise Prisongen hei am Land, respektiv wéi vill Plazen hu mir am Ganzen a pro Ariichtung?**

Um Datum vum 17. August 2025 waren d'Plaze pro Ariichtung wéi follgend opgedeelt:

Am Centre pénitentiaire du Luxembourg (CPL) sinn et 486 Plazen, an dovunner:
- 388 Plaze fir männlech Prisonéier an ggf. Mineuren, déi dann awer an engem dofir speziell reservéierte Block ënnerbruecht ginn;
- 51 Plaze fir weiblech Prisonéier;
- 47 Plaze reservéiert fir Prisonéier, déi eng speziell psychiatresch Behandlung brauchen oder am Programm vun der Suchthëllef sinn.

De Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff (CPU) huet eng theoretesch Capacitéit vu 416 Plaze fir männlech Prisonéier wärend der Untersuchungshaft ënnerzebréngen. Dobäi ass ze consideréieren, datt zwee Fligele fir Prisonéier reservéiert sinn, déi an de sougenannte "régime cellulaire" gesat goufen, an ee Fligel reservéiert ass fir Prisonéier mat psychiatrescher Behandlung.

Am Centre pénitentiaire de Givenich (CPG) sinn et am Ganzen 115 Plazen, dovunner sinn 12 Plaze fir weiblech Prisonéier reservéiert.

**2) Wéi vill vun deene Plaze sinn aktuell am Ganzen a pro Ariichtung besat?**

Um Datum vum 17. August 2025 waren déi dräi Prisongen esou beluecht:

- Am CPL waren 330 Prisonéier;
- Am CPU waren 345 Prisonéier;
- Am CPG ware 85 Prisonéier, dovunner 3 sougenannte "reclus volontaires". Reclus-volontaire si Leit, déi hir Strof rechtlech gesinn ofgesat hunn, an déi nach fir eng kuerz Period fräiwëlleg am Prisong kënnen bleiwen, wa se wëllen, am Intérêt vun hirer Resozialiséierung.

**3) Wéi vill vun deene Plazen si besat vu Persounen ouni Wunnsëtz zu Lëtzebuerg?**

Um Datum vum 17. August 2025 waren et am CPL 148 Prisonéier, am CPU 223 Prisonéier, an am CPG 2 Prisonéier.

**4) Erstellt d'Regierung Prognosmodeller op Basis vun der aktueller Situatioun, der Entwécklung vum Wuesstem a vun der Kriminalitéit zu Lëtzebuerg, fir aschätzen ze kennen, wat an de kommende Joren hei u Capacitéite gebraucht gëtt?**
**5) Kënnen déi aktuell Capacitéite bei steigendem Bedarf nach ausgebaut ginn? Wa jo, wat fir eng Ariichtunge kéimen dofir a Fro an ëm wéi vill Plaze jeeweils?**

Fir Lëtzebuerg als klengt Land muss bei de Prognosen ëmmer consideréiert ginn, datt, och wann et an engem Land e gewëssenen Zesummenhang gëtt tëschent dem Wuesstem vun der Bevëlkerung am Allgemengen an der Unzuel vun de Prisonéier, sou gëtt zu Lëtzebuerg d'Zouverlässegkeet vun de Prognosen an deem Kontext entscheedend doduerch beaflosst, dass déi Zuele vu Prisongsplazen am Absolutten, am Verglach mam Ausland, dach zimmlech kleng sinn. Zum Beispill, wann an engem Joer e puer gréisser Affairen am Kader vun der organiséierter Kriminalitéit viru Geriicht kommen, wou allkéiers fënnef, sechs oder méi Leit zu festem Prisong veruerteelt géife ginn, dann huet dat a gréissere Länner, mat enger Capacitéit vun op d'mannst e puer dausend Prisongsplazen, keen Impakt op déi allgemeng Disponibilitéit, wärend dat zu Lëtzebuerg de Fall kinnt sinn. Och ginn et eng Rei Fakteuren, déi ganz onofhängeg vum Bevëlkerungswuesstem hei am Land, en Afloss op d'Unzuel u Prisonnéier hunn.

Am Prinzip ass et theoretesch méiglech fir an deenen dräi Ariichtungen d'Capacitéiten eropzesetzen. Dobäi ass et wichteg sécherzestellen, dass dat net ze vill op d'Käschte vun der Qualitéit vun der Betreiung geet. Sou muss de gudde Verlaf vum "traitement pénologique" vun all Prisonéier garantéiert bleiwen, well soss d'Prisongsverwaltung der Aufgab vun der Resozialiséierung an dem deementspriechende Schutz vun der Gesellschaft net méi ka gerecht ginn. Och geet soss de Risiko fir Tensiounen am Prisong an d'Luucht. Et ass kloer, datt méi Prisonéier an engem Prisong ëmmer och bedeit, datt méi Personal gebraucht gëtt.

Am CPL ass en Ausbau vun de Capacitéite méiglech. Mat den néidegen, gréisseren Infrastrukturaarbechte kann d'Capacitéit laangfristeg op 672 Plazen eropgoen.

Wat de CPU ugeet, kann déi baulech Infrastruktur net erweidert ginn, well et um Site keng fräi Bauflach méi gëtt, an et kënnen och keng zousätzlech Stäck op d'Gebai dropgebaut ginn. Hei kéint eng Capazitéitserhéijung duerchgefouert ginn, wa verschidden Zellen, déi geziilt fir eng Persoun konzipéiert goufen, vun zwee Prisonéier beluecht ginn. Dëst setzt awer eng Rei logistesch Viraarbechte viraus.

De CPG bitt mat gréisseren infrastrukturelle Viraarbechte Méiglechkeete fir eng Capacitéitserhéijung bis op 193 Plazen.

Am Kader vun der Aféierung vun engem Jugendstrofrecht entsteet mam Centre pénitentiaire pour mineurs (CPM) eng zousätzlech Struktur.

Lëtzebuerg, den 1. September 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue